

Wei ass d'Aabechtsliewen vun den LGBT Leit a Bolivien?



Dëssen Artikel ass den 10. Mee 2019 op spuenesch an der bolivianescher Zeitung 'Los Tiempos' publiziert ginn – héi op lëtzebuergesch iwwersaet vum Lena Bock.

A Bolivien steet am Artikel 14 vun der Verfassung: „De Staat verbitt a bestrooft all Form vun Diskriminatioun op Basis vu Geschlecht, Faarf, Alter, sexueller Orientéierung, Geschlechtsidentitéit, Hierkonft, Kultur, Nationalitéit, Staatsbürgerschaft..., oder anerem, wouvun d’Ziel oder d’Resultat ass, d’Unerkennung, de Genoss oder dei gleichberechtigt Ausübung vun de Rechter vun all Persoun ze annulléieren oder ze beanträchtegen.“

Dëst war e grouse Fortschrëtt fir d’Abezéiung an d’Unerkennung vu Persounen aus der LGBT-Gemeinschaft am Land, vu dass d’Behandlung, déi d’Gesellschaft allgemeng fir Leit mat net-heterosexueller Orientéierung ubitt, héich diskriminéierend a präsent an alle Beräicher ass: Famill, Educatioun, Religioun, Aarbecht asw. Et ass an desem lëschten Bereich, wou mir gesinn, datt d’Virurteeler an d’Aggressiounen, déi schons während de formativen Etappen erlidden goufen (Famill an Erzéiung), hiren Héichpunkt erreechen mat Oflehnung an Diskriminatioun géint LGBT Leit. D’Ofkierzung LGBT steet fir Lesbisch, Gay, Bisexuell an Transsexuell an bezitt sech ob Leit mat ënnerschiddleche sexuellen Orientatiounen, déi net der heterosexueller Norm entsprechen, no daer eis Gesellschaft opgebaut ass.

Fuerschunge weisen, datt dëse Secteur vun der Bevëlkerung en héigen Taux vu Mëssbrauch, Veruechtung an och Gewalt op der Aarbechtsplaz erfirt.

D’Organisatioun CDC (Training and Citizen Rights) huet am Mee hir Etude „Wahrnehmung vum der LGBT Bevëlkerung an der Identifikatioun vun den Determinante vun Diskriminéierung, Belästegung, Intimidatioun an / oder Gewalt am öffentlechen a private Aarbechtsëmfeld“ virgestallt. Dës Etude huet eng national Ëmfro bei Leit mat net-heterosexueller Ausrichtung gemaach: 80 Leit goufen zu Santa Cruz befreut, 70 zu La Paz, 50 Leit zu Cochabamba a je 25 Leit zu Trinidad an zu Sucre. D’Zuelen sinn eendeiteg: 57 Prozent vun der Bevëlkerung, déi un der Ëmfro deelgeholl huet, huet Diskriminéierung, Intimidéierung an / oder Gewalt op hirer Aarbechtsplaz erlieft.

LGBT-Leit sinn eng vun den am stärksten ausgegrenzte soziale Gruppen am Aarbechtsberäich. Vill entscheiden sech, hir Konditioun ze verstoppfen, aus Angscht hir Aarbecht ze verléieren.

A 36 Prozent vun den Fäll, wou eng LGBT-Persoun Zeien vun enger Agressioun géint eng aner LGBT-Persoun ob der Aarbechtsplaz gouf, war dëst opgrond vun der sexueller Orientéierung vun der betraffener Persoun. Bei 34 Prozent vun dese Virfäll ass d'Aggressioun opgrond vun der Geschlechtsidentitéit vum Affer geschidd, an bei 10 Prozent opgrond vun hirem Erscheinungsbild. Dramatesch ass, datt an deene meeschte Situatiounen den Zeie sech net zum Virfall äussere wollt, aus Angscht, déi nämlecht Agressioun ze erliewen.

Wat gëtt gemaach fir dës Situatioun ze stoppen? Zënter Mäerz 2019 féieren Organisatioune wéi de Projet Trabajo Digno, Deel vun der Fondation Kallpa an der ONG OGBL Solidarité Syndicale, de „Kollektiv LGBT Bolivien“, de „Kollektiv DSG Cochabamba“ an de „Programm zur Ënnerstetzung am Aarbechtsberäich“ vum Aarbechtsministère (finanzéiert vun der ILO) de Projet „Labor Inclusioun Project fir Diversitéit“ (ILDI) duerch, deen d'Beschäftegungsfähegkeet vum LGBT-Secteur zu Cochabamba fördert. Dës Initiativ ass zwar rezent, besteet awer aus enger Grupp vu Professionnellen an Aktivisten, déi engagéiert sinn di negativ Usiichten vun der Gesellschaft ze änneren an doduerch eng réell Inklusioun an den Aarbechtsmaart ouni Diskriminatioun fir d'LGBT-Bevëlkerung ze erreechen. D'Recht op eng wierdeg Aarbecht muss eent vun den Haaptzieler fir all Gesellschaft sinn, wou Stabilitéit, Respekt an Inklusioun d'Basis vun den Aarbechtsbeziungen ass.